N° 8225
Entrée le 06.09.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung an dem Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial-a Solidarwirtschaft op d'parlamentaresch Fro n° 8225 vum 10. August 2023 vun dem éierewäerten Deputéierten Här André Bauler**

1. **Kann den Här Landwirtschaftsminister iwwer déi spezifesch Situatioun bei der Saisonsaarbecht informéieren? Gëtt et do Zuelematerial? Wat fir eng Betriber hunn traditionell déi meeschte Schwieregkeeten?**

   De Landwirtschaftsministère a seng Verwaltungen hu keen Zuelematerial. Saisonsaarbechter ginn haaptsächlech am Wäibau, Uebstbau a Gaardebau gebraucht. Also a Kulturen, wou vill Aarbechten net kënne mechaniséiert ginn, wéi beispillsweis d'Recolte vum Uebst a Geméis, der Lies vun de Qualitéitswäiner, oder de Wanterschnatt vun den Uebstbeem an de Riewen. Et handelt sech ëm punktuell Aarbechtsspëtzen, déi di betraffe Betriber dann ouni Saisonnière net gemeeschtert kréien.

   Um Landwirtschaftsportal (https://agriculture.public.lu ) si wichteg Informatiounen zu dësem Thema fir d'Betriber zesummegestallt.

2. **Ass den Här Aarbechtsminister bereet, fir d'Prozeduren, déi d'Ustellung vu Saisonsaarbechter reegelen, ze vereinfachen – dat awer am volle Respekt vun eisem nationalen Aarbechtsrecht?**

   D'Vereinfachung vun de Prozeduren ass ëmmer e Sujet, dee wichteg ass. D'Simplification administrative dierf dobäi keen negativen Afloss op d'Rechter vun de Saisonsaarbechter, Aarbechter déi sécherlech méi vulnerabel si wéi Salariéen an engem anere Statut, hunn. An deem Sënn huet den Institut viti-vinicole (IVV) zesumme mat der ITM och Informatiounsversammlungen organiséiert, fir datt d'Wënzer iwwert d'Prozeduren, déi d'Aarbeschtsrecht betreffen, informéiert sinn. Zudeem gouf zesumme mat der ADEM en Jobday organiséiert, fir d'Vermëttlung vun Aarbeschtssichenden u Wënzer- an Uebstbaubetriber ze ennerstëtzen. Fir Saisonsaarbechter ass och d'Prozedur am Kader vun der Aarbechtsmedezin vereinfacht ginn.

Lëtzebuerg, den 6. September 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN